17. bis 23. Juni 2011



# Woch vun der Erënnerung

Invitatioun

GEMENG BIEKERECH

Dir Damen an dir Hären, léif Leit!

Wat den 2. Weltkrich méi wäit ewech ass, wat di Iwwer-liewent vun deem schrecklechen Evenement ëmmer méi rar ginn. Näischt awer kann hiren Témoignage ersetzen, wann et drëm geet, d'Geschicht vun de Joren 1940-1945 dene nofolgende Generatiounen ze vermëttelen.

Op der anerer Säit sinn iwerall an Europa erëm Parteien am Gaang, eng Grupp vun der Populatioun fir all Probleemer an hirer Gesellschaft responsabel ze maachen. Leider erënnert dat ee ganz staark un Zäite vu virun 80 Joër. An wann déi vill Affer, déi vill Lëtzebuerger am leschte Krich bruecht hunn, zu eppes solle gutt gewiescht sinn, dann dofir, dass mir, déi no komm sinn, ni méi esou eppes sollen zouloossen.

Op Initiative vun der Sektioun Biekerech-Ell-Réiden vun den Zwanksrekrutéierten, a mat der Hëllef vun engem Organisa-tiounscomité hu mir dofir eng „Woch vun der Erënnerung“ organiséiert, fir iwwer d'Aweie vun engem Monument, Aus-stellungen, Filmer, Konferenzen a Gespréicher mat Zäitzeien, déi national, awer och déi lokal Geschicht vum 2. Weltkrich eisen Awunnerinnen an Awunner, besonnesch awer deene Jonken, méi no ze bréngen.

Heimat invitéiere mer lech ganz häerzlech op Biekerech, fir bei deer enger oder anerer Manifestatioun an der „Woch vun der Erënnerung“ derbäi ze sin.

De Schäfferot vun der Gemeng Biekerech
D'Kulturkommissioun
Den Organisatiounscomité

# Programm:

**Freides, de 17. Juni**
**am Centre Nic Bosseler zu Biekerech**

19.00: Vernissage vun den 2 Ausstellungen:
„Lëtzebuerg am 2. Weltkrich“ an
„D'Gemeng Biekerech am 2. Weltkrich“

20.00: Konferenz vum Här Steve Kayser:
„NODENKEN, VERSTOEN AN NËT VERGIESSEN!
9 Argumenter fir weider iwwer den Zweete Weltkrich
ze schwätzen.“

**Samschdes, den 18. Juni**
**am Centre Nic Bosseler zu Biekerech**




15.00: Nationalkongress vun der
Federatioun vun den Enrôlés de Force

20.00: Projektioun vum Film **„Emil“**
vum Marc Thoma a Paul Tousch

Duerno Diskussioun mat den
Auteure vum Film

**Sonndes, de 19. Juni**

09.30: Mass an der Kiirch zu Biekerech

10.30: Aweiung vun der Plaz vun den
Enrôlés de Force

12.30: Gemeinsamt lessen „An der Millen“

**Donneschdes, den 23. Juni:**

11.00: Nationalfeierdag zu Biekerech


3